



Die Zeitung in der Zeitung

mywort

im OSTEN

Aus Lëtzebuerg an Amerika

Eng intressant Konferenz zur Auswanderung vu Judden

Munneref. Säin Openthalt fir d'Walfer Bicherdeeg huet de Fausto Gardini, e Lëtzebuenger Auteur a Geschichtsfuerscher iwwer d'Auswanderung an Amerika, deen zënter Joren zu Jacksonville a Florida leeft, kuerzfristeg genotzt, fir eng Konferenz an der renovierter Synagog vu Munneref ze ginn. D'Synagog gouf éischt am Oktober nei ageweit. Agelueden haten den israelitesche Consistoire Lëtzebuerg, déi israelitesch Communautéit vun Esch/Uelzecht, d'Aleh (Association luxembourgeoise des enseignants d'histoire), d'Kulturkommissioun vun der Gemeng Munneref, a virun allem déi viru kuerzem nei gegrënnten Associatioun „MemoShoah“, déi hire Sëtz an der Munnerefer Synagog huet.

A senger Begréissung huet de Henri Juda, President vu „MemoShoah“, drop higewisen, dass de Fausto Gardini, dee schonns e puer Bicher iwwert verschidden Aspekter vun der Lëtzebuenger Auswanderung an Amerika geschriwwen huet, elo un engem Buch schafft, dat den Titel „Escape from Luxembourg 1933-1945“ kritt a sech haaptsächlech op déi jéineg Jude bezitt, déi vu Lëtzebuerg aus an Amerika emigréiert sinn.

Iwwert 2 000 Nimm ginn, wéi de Fausto Gardini erklärt huet, am Manuskript genannt, dat geschwënn fäerdeg dierft sinn. Den Auteur huet detailléiert Recherchen an der „U.S. National Archives and Records Administration“ (NARA) zu Washington D.C. gemat. E gräift och op Archivmaterial aus verschiddene Lëtzebu-



Den Auteur a Geschichtsfuerscher Fausto Gardini (lénks) mam Henri Juda, President vu „MemoShoah“.

(FOTO: JOSEPH LORENT)

ger Quellen an op seng grouss perséinlech Dokumentekollektioun - dorënner vill Fotoen - zréck.

A net manner wéi 18 Kapitele geet den Auteur op d'Jore virum Krich an Nazidäitschland an op d'Zäit virun der Okkupatioun zu Lëtzebuerg mat hiren antisemitischen Tendenze grad esou a wéi op d'Juddeverfolgung selwer, d'Auswanderung mam Schëff vu Portugal aus, d'Krichsjoren am Grand-Duché an d'Epuratioun nom Krich. Nom Fausto Gardini sengen Explikatiounen, déi mat villen Diaen ënnermoolt goufen, ass et zu enger intressanter Diskussioun

mat den Nolauschterer komm. Den Henri Juda huet an deem Zesummenhank festgehalten, dass dat neit Buch eng Dier zu onbekannte Saachen opstousse wärt.

De „MemoShoah“-President huet d'Hoffnung ausgedréckt, dass déi wëssenschaftlech Fuerschung an deem vun der Regierung geplangten Institut fir Zäitgeschichte bei der Uni Lëtzebuerg virugedriwwe gëtt, dat e Léierstull fir d'Shoah kréie soll. Zum Ofschluss vun der Konferenz ass de Wonsch ausgedréckt ginn, dass den Dialog iwwert Internet mam Fausto Gardini soll fortgesat ginn, an zwar per E-mail vailcorp@aol.com. (j-lo)